



QP N°2111

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen, 15:16, 29/04/2020

Lëtzebuerg, den 29/04/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.

Während der COVID-19-Pandemie setzen ëmmer méi Entreprises op boergeldlos Bezuelmethoden. Aus dësem Grond ass och d'Limitt vum kontaktlose Bezuelen vu 25€ op 50€ eropgehewe ginn. Dës Mesure gëtt an éischer Linn als als Hygiënemesure duergestallt, allerdéngs hat d'europäesch Zentralbank no enger Etüde vum Robert Koch Institut kommunizéiert, dass d'Euro-Geldschäiner manner Haftungsfläch hunn, wéi zum Beispill glat Plastikskarten.

Elo ass et awer esou, datt verschidden Entreprises d'Bezuele mat Boergeld an hire Geschäfte refuséieren, wat virun allem Leit benodelegt, déi keng Bankkaart hunn. Heirënner falen natierlech an éischer Linn Mënschen vum drëtten Alter, awer och méi aarm Mënschen, déi keen Accès op ee Bankkonto an/oder eng Bankkaart hunn.

Wéi d'Regierung mir schonns an der parlamentarescher Fro n°846 geäntwert hat, gesäit weder déi europäesch nach déi national Legislatioun Limitten fir d'Bezuele mat Boergeld vir. Och am Reglement d'Urgence vun der Regierung si bis elo keng spezifesch Mesuren an der Hisiicht getraff ginn an dofir ass d'Refuséiere vu Boergeld och während der COVID-19-Pandemie net erlaabt. De Wirtschaftsministère schreift op senger Website, dass d'Bezuele mat Boergeld kee Risiko duerstellt a verweist hei gläichermoossen op d'Etüd vum Robert Koch Institut.

D'Realitéit ass allerdéngs eng aner an och d'ULC hat a verschiddene Communiquéen schonns drop opmierksam gemaach, dass vereenzelt Geschäfte Boergeld refuséieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat kënnen d'Ministeren- ausser Verweiser op d'Gesetz an op d'Studie vum Robert Koch Institut - ënnerhuelen, fir ze verhënnern, datt Geschäfte Boergeldbezuelunge refuséieren?



www.piraten.lu

2. Wéi huet sech den Undeel vun den Transaktiounen, déi mat Boergeld bezuelt ginn, zënter dem Ufank vum Confinement zu Lëtzebuerg entwéckelt? Kënnen d'Ministeren eng Verréngerung vu Boergeldbezuelunge feststellen?
3. Stellt d'Refuséiere vu Boergeld eng Infraktioun vum Gesetz duer a falls jo, wéi eng Strofenkënnen heifir geschwat ginn?
 - Falls Strofen existéieren, firwat gouf an de Fäll - wéi d'ULC se nennt - keng Strofen ausgeschwat?
 - Falls keng Strofen a keng Jurisprudenz existéiert, misst d'Regierung hei net nobesseren?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

REÇU

Par Alff Christian , 10:49, 28/05/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 832x12120

Luxembourg, le 27 mai 2020

Concerne : Question parlementaire n° 2111 du 29.04.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le refus de l'argent liquide

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, vum Wirtschaftsminister, Franz Fayot, an vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Ufro N°2111 vum 29. Abrëll 2020 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen bezüglech dem Refus vun Borgeld

Den Ament bestinn keng Beweiser, dass Borgeld eng speziell Roll beim Iwwerdroen vum Covid-19 spillt. Dës huet och d'Zentralbank, op Basis vun enger Studie vum Robert Koch Institut, an engem Communiqué vum 17. März 2020 bestätegt.

Et bestinn fir Lëtzebuerg och keng Statistiken iwwert Boergeldtransaktiounen. An deem Sënn ass et net méiglech d'Entwécklung vun dësen Transaktiounen weder am Kader vum Confinement nach allgemeng ze beobachten.

D'Refuséieren vu Boergeld ass, laut dem Artikel 556 4° vum lëtzebuergeschen Code penal, strafbar. Den Échelon vun der Geldstrof läit tëscht 25 an 250 Euro. Laut dem aktuellen gesetzlechen Kader, kann en Commerçant awer a verschidde Situatiounen Borgeld refuséieren, mee muss dofir säin Refus justifiéieren an deem en sech op eng *convention contraire* berout. D'Europäesch Commissioun präziséiert an enger Recommandatioun vum 22. März 2010, dass de Commerçant en Gronn fir den Refus nom *principe de bonne foi* kann uginn (zum Beispill, wann de Commerçant nët genug Borgeld huet fir d'Wiesselgeld zeréck ze ginn).

Et goufen déi lescht Joren zu Lëtzebuerg keng Strofen an deem Kontext geschwat, well de Ministère public weder mat enger Plainte, nach engem Procès-verbal saiséiert gouf.

Trotz deenen Tatsaachen ass et awer novollzéibar dass am aktuellen Kontext, Butteker an Commerçanten esou man wéi méiglech Borgeld traitéieren wëllen, fir esou den physischen Kontakt vun hirem Personal mam Client op e Minimum ze reduzéieren. Et ass och an deem Sënn dass den Finanzministère, zesummen mam Ministère fir Konsumenteschutz, den 10. Abrëll 2020 an engem Communiqué jiddereen - souwuel Cliente wéi Commerçante - opgeruff huet am Kader vun de verschiddene Situatiounen déi sech beim Bezuelen stellen, mat gesondem Mënschenverstand a géigesäitegem Respekt, ëmzegoen.